N°1763
Entrée le 13.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.01.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

An de leschten Deeg hunn et verschidde Géigende vu Lëtzebuerg mat héije Waasserstänn ze di kritt, besonnesch am Norde vum Land a laanscht der Musel. D'Meteorologe warnen, datt d'Situatioun sech an deenen nächsten Deeg nach verschäerfe kéint. Verschidden Autoritéite wéi d'Police an d'Pompjeeë waren am Asaz, fir Leit aus geféierleche Situatiounen ze retten, wéi rezent zu Perl geschitt. Staarke Reen an domat verbonnen Iwwerschwemmunge wäerten duerch de Klimawandel an Zukunft ëmmer méi heefeg ginn. Et stellt sech d'Fro, wéi d'Regierung op dës Erausfuerderunge reagéiert a wéi eng Moossnamen si geholl huet oder nach wäert huelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng konkret Moossname goufen an de betraffene Regiounen ëmgesat, fir d'Sécherheet vun de Bierger ze garantéieren an d'Ausmooss vun de Schied ze limitéieren?
2. Wéi koordinéiert d'Regierung hir Reaktioun op d'Héichwaasser mat de lokalen Autoritéiten a mat eisen Nopeschlänner?
3. Wéi eng Hëllef kënne Leit, déi vum Héichwaasser betraff sinn, vum Staat kréien a wéi ginn si iwwert d'Demarchë fir Hëllef ze kréien informéiert?
4. Wéi wäerten d'Erfarunge vun den Héichwaasser-Situatiounen, déi ëmmer méi dacks a méi staark optrieden, an zukünfteg Preventiounsmoossnamen afléissen?
5. Fäert d'Regierung net, datt duerch ëmmer méi heefeg a staark Iwwerschwemmungen no an no den Iwwerschwemmungsrisiko onversécherbar gëtt? Wéi eng Moossname gi geholl fir dëst ofzefiederen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

N°1763
Entrée le 13.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, Serge Wilmes, vum Här Inneminister, Léon Gloden, , vum Här Finanzminister, Gilles Roth, vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn, vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau, Martine Hansen a vum Här Premierminister, Luc Frieden, op d'parlamentaresch Fro n°1763 vum 13. Januar 2025 vum éierewäerten Députéierten Sven Clement iwwert "Inondations"**

**1. Wéi eng konkret Moossname goufen an de betraffene Regiounen ëmgesat, fir d'Sécherheet vun de Bierger ze garantéieren an d'Ausmooss vun de Schied ze limitéieren?**

Am Kader vum Héichwaasserrisikomanagement ginn zu Lëtzebuerg zënter ville Jore Mesuren ëmgesat, fir d'Resilienz géint d'Héichwaasser ze erhéijen an domat de Risiko vu Schued ze reduzéieren. De Schwéierpunkt läit domat op der Precautioun, der Protektioun an der Preventioun.

Am Kader vun der **Precautioun** gëtt bei neie Bauprojete wärend der Autorisatiounsprozedur gepréift, datt et zu kenger Erhéijung vum Risiko vu Schued kënnt, a bei besteeënde Gebaier kréien d'Bierger gehollef fir sech mat engem sougenannten Objektschutz individuell zu protegéieren.

Am Beräich **Protektioun** sinn an de leschte Joren eng ganz Rei vu gréissere Moossnamen ëmgesat ginn, wéi zum Beispill d'Héichwaasserschutzmauer zu Dikrich an Angelduerf, den Héichwaasserréckhaltebaseng op der Wark, den Héichwaasserschutz vun Iechternach oder den ökologesch orientéierten Héichwaasserschutz vu Steenem.

**Preventiv** Moossname si wichteg fir de Risiko an de Schued am Virfeld ze reduzéieren. Zu engem ganzheetlechen Héichwaasserrisikomanagement gehéieren dofir och déi net-strukturell Moossnamen. Zu dësen zielen d'Héichwaassergeforekaarten déi fir 17 Gewässer am Land erstallt gi sinn. Dës informéieren iwwert d'Gefore vu Flosshéichwaasser fir verschidden Héichwaasserszenarien a sinn deemno eng wichteg Quell fir d'Sensibiliséierung an d'Präventioun. Dat selwecht gëllt fir d'Starkreengeforekaarten, déi fir dat ganzt Land d'Gefore vun enger Iwwerschwemmung duerch staark Nidderschléi illustréieren. E wichtegen Aspekt ass och d'Héichwasserprevisioun, déi vun der Waasserwirtschaftsverwaltung assuréiert gëtt an d'Bierger op méiglech Iwwerschwemmungen opmierksam mécht. Sou kann de Bierger sech op en Héichwaasser virbereeden. Zu de präventive Moossname gehéieren awer och Renaturéierungen, déi dozou bäidroe kënnen datt d'Waasser méi Plaz kritt, fir sech do auszebreede wou et manner Schued fir de Mënsch mécht.

**2. Wéi koordinéiert d'Regierung hir Reaktioun op d'Héichwaasser mat de lokalen Autoritéiten a mat eisen Nopeschlänner?**

Wéi am nationale Krisegestiounsplang „Onwieder-Iwwerschwemmungen" virgesinn, kommen ab enger Warnstuf «Orange» eng Rei Acteuren an der „Cellule d'évaluation des risques intempéries-inondations" zesummen fir d'Situatioun ze analyséieren an éischt néideg Moossnamen ze koordinéieren an anzeleeden, dorënner de Kontakt mat de lokalen Autoritéiten. Den Austausch mat eisen Nopeschlänner gëtt och vun de jeeweilegen Zerwisser am Kader vun hire legale Missiounen assuréiert. Falls d'Situatioun

et géif erfuerderen, géif d’Regierung all weider Koordinatioun am Kader vun der „cellule de crise“ ausféieren.

**3. Wéi eng Hëllef kënne Leit, déi vum Héichwaasser betraff sinn, vum Staat kréien a wéi ginn si iwwert d’Demarchë fir Hëllef ze kréien informéiert?**

Am Kader vun der Precautioun kréien d’Bierger, wéi an der éischter Fro erwäänt, gehollef. A Gebidder déi vun Héichwaasser betraff sinn, gëtt d’Installatioun vun engem Objektschutz, also enger individueller Protektioun vun hirem Gebai, mat 75 % an engem Seuil vu maximal 20.000 € fir Eefamilljenhaiser, 45.000 € fir Residencen a 75.000 € fir Commercë vum Waasserfong subventionéiert. Ausserdeem bedeelegt sech d’Waasserwirtschaftsverwaltung mat de Gemengen op ville Plazen un Etuden, wou déi vulnerabel Gebaier identifizéiert ginn an d’Bierger eng spezifesch Berodung fir hir Haiser kréien.

Am Fall wou d’Regierung en Héichwaasser als Naturkatastroph deklaréiert, huet den Inneminister d’Méiglechkeet, den Acteuren aus dem Gemengesecteur d’ Héichwaasserschied un den Infrastrukturen a Gebaier, déi an hirer Proprietéit sinn ze rembourséieren.

Am Fall vun enger Naturkatastroph, déi formell vun der Regierung deklaréiert ginn ass, kënne Privatstéit eng finanziell Hëllef beim Familljeministère froen. Dës Hëllef betrëfft néideg Reparatiounskäschten an d’Acquisitioun vun noutwennege Gidder (*biens de première nécessité*) am Zesummenhang mam Haaptwunnsëtz vun de Geschiedegten.

De Montant vun der Hëllef variéiert en fonction vum Schued, vun der Kompositioun vum Stot, vun der finanzieller Situatioun vun den Demandeuren, esou wéi vun der Héicht vun der Versécherungsbedeelegung.

De Familljeministère publizéiert ee Communiqué mat all de néidegen Informatiounen. Dës Informatioune sinn och um Site vum Guichet.lu ze fannen. De Formulaire fir eng Hëllef unzefroe kann ee souwuel um Internetsite vum Familljeministère wéi och um Site vum Guichet.lu eroflueden. De Ministère ass och am enke Kontakt mat de concernéierte Gemengen, déi hir Bierger informéiert halen. An deem Kontext kënnen zum Beispill Informatiounsversammlungen an de Gemengen esouwuel wéi an de respektiven Offices sociaux organiséiert ginn.

Des Weideren kann de Wirtschaftsministère Hëllefen fir Schied déi duerch Äerdbiewen, Äerdrëtsch, Iwwerschwemmungen, Tornadoen, Hurrikanen an natierlech Vegetatiounsfeier verursacht ginn, un Entreprisen verginn.

Fir dësen Zweck muss de Regierungsrot d'Evenement als Naturkatastroph unerkannt hunn an et muss en direkte Kausalitéitszesummenhang tëscht dem Schued, deen d'Entreprise erlieft huet, an dem Evenement ginn. Dës Hëllefe gi fir déi direkt Schied vun de Katastrophen verginn an d'Hëllef muss bannent véier Joer nom Optriede vum Evenement vergi ginn.

Am Fall wou d'Regierung en Héichwasser als Naturkatastroph deklaréiert, huet de Landwirtschaftsminister iwwer den Art. 51. vum modifizéierte Gesetz vum 2. August 2023 betreffend d'ländlech Entwécklung d'Méigelechkeet, déi betraffe Baueren ze entschiedegen. Dës Entschiedegung betrëfft landwirtschaftlech Gebaier, Maschinnen an och Fudder.

Am Fall wou et méiglech ass eng Versécherung géint Héichwasser ofzeschléissen, gëtt d'Versécherungsbedeelegung mat a Betruecht geholl fir de Schued auszebezuelen. De Landwirtschaftsministère publizéiert an deem Fall ee Communiqué de presse mat de Kontaktdaten vun den 2 Aussestellen vun der ASTA, déi d'Dossieren tratéieren, mat dem Hiweis, datt de Schued kann iwwer Guichet.lu gemellt ginn.

**4. Wéi wäerten d'Erfarunge vun den Héichwaasser-Situatiounen, déi ëmmer méi dacks a méi staark optrieden, an zukünfteg Preventiounsmoossnamen afléissen?**

Wärend all Héichwaasser ginn Donnéeë gesammelt, déi an d'Verbesserung vum Héichwaasserrisikomanagement afléissen. Déi gemoossen Donnéeën (Waasserstänn, Offlëss) op de Pegelstatioune gi genotzt fir d'Statistik vun den Héichwaassserjährlechkeete reegelméisseg ze aktualiséieren. Mat dëse Wäerter kënnen dann erëm Geforekaarte gerechent ginn. Och Dokumentatiounen zu den Iwwerschwemmunge sur place gi gesammelt an ausgewäert. Sou kritt een en ëmfaassend Bild vun der Geforesituatioun a kann déi gëeegent Moossnamen ergräife fir den Héichwaasserrisiko op deene Platzen ze miniméieren.

Enn 2020 huet den Inneministère déi National Plattform fir d'Reduktioun vu Katastropherisiken an d'Liewe geruff. Souwuel an engem interministeriellen Aarbechtsgrupp, wéi och am Aarbechtsgrupp "Resilient Gemengen", deen Ufank 2022 gegrënnt ginn ass, tausche sech déi staatlech Acteuren, respektiv d'Experten aus dem Gemengesecteur, ënnereneen aus, fir "Best practices" ënnerteneen ze deelen a fir zesummen u konkrete Projeten ze schaffen, fir d'Preventioun, d'Antizipatioun an d'Reaktioun op all Zort vu Naturkatastrophen ze fërderen, mam Zil, méiglech Schied, déi no enger Katastroph kënnen entstoen, ze reduzéieren.

Am Aarbechtsgrupp „Resilient Gemengen" am Inneministère ginn an der Reegel Theme beschwat a behandelt, déi vun enger oder méi Gemenge virgeschloe ginn a bei deenen Handlungs- oder Verbesserungsbedarf besteet. Den Aarbechtsgrupp deckt Themen am Beräich vun der Resilienz of.

**5. Fäert d'Regierung net, datt duerch ëmmer méi heefeg a staark Iwwerschwemmungen no an no den Iwwerschwemmungsrisiko onversécherbar gëtt? Wéi eng Moossname gi geholl fir dëst ofzefiederen?**

Eng Etüd vun der European Insurance and Occupational Pensions Authority (EIOPA) vun November 2024 attestéiert Lëtzebuerg eng adequat Couverture vun de Risiken duerch Naturkatastrophen: "The protection gap in Luxembourg is low for all perils (score <= 2) as the insurance penetration is above 50% [...]".

Wann Naturkatastrophe weltwäit ëmmer méi heefeg a schlëmm ginn, ass Lëtzebuerg hei warscheinlech haaptsächlech duerch Iwwerschwemmunge betraff.

Dës allgemeng Problematik ass op europäeschem Niveau erkannt. Méiglech Piste fir deem entgéint ze wierken, kënne hei awer just als komplementar zu den uewe genannte Präventivmoossname gesi ginn.

Lëtzebuerg, den 13. Februar 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit